HANS HOFMANN

Creation in Form and Color

6.10.17–14.1.18

RENATE, HANS UND MARIA HOFMANN TRUST

Musée national d'histoire et d'art Luxembourg
MNHA

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

BAMPFA

cargolux

November 2017

THEMA VUM MOUNT:
RUSSLAND

via Visualhunt

radio 100,7

PROGRAMM

De Komponist
vum Mount:
Peter Iljitsch
Tschaikowsky

D'Schrëftstellerin
vum Mount:
Ljudmila Ulitzkaja

Postkëscht 1833 L-1018 Lëtzebuerg Tel. 44 00 44 1 info@100komma7.lu www.100komma7.lu

INHALTSVERZEECHNES

radio 100,7 Live um Sonic Visions Festival 3
radio 100,7 op der Luxembourg Art Week 5
Nei Musek-Serie: Hidden Jazz Gems 6
Thema vum Mount Russland 7
Komponist vum Mount: Peter Iljitsch Tschaikowsky 8
Musek a Russland: Evolutioun a Revolutioun 8-9
Grille: Wat leeft wéini - de Programm- a Wocheniwwerbléck..... 10-11
1917: D'Joer, dat d'Welt verännert huet 13
Schréftstellerin vum Mount: Ljudmila Ulitzkaja 15
Russesch Politiker am 20. Joerhonnert 16
Nei Emissioun iwwer d'Filmindustrie: Travelling avant – Lëtzebuerg dréint 17
Coups de coeur 19

IMPRESSUM

Editeur: Etablissement de Radiodiffusion Socioculturelle, Etablissement Public
Oplo: 12.000; 10x am Joer gratis verschéckt vum:
radio 100,7 21a, av. J.F. Kennedy L-1855 Lëtzebuerg Postkëscht 1833 L-1018 Lëtzebuerg
Tel: 44 00 44-1 e-Mail: info@100komma7.lu
Grafik: Pat Wengler; Drock: rekaprint+
Programmännerunge si méiglech.

@100komma7
Like us on Facebook
www.100komma7.lu

17.11. um 20:00 an 18.11. um 18:30 **Backstage a Generator live**

radio 100,7 @ Sonic Visions

De radio 100,7 ass live beim Sonic Visions Festival dobäi. Aus der 10. Editioun vu Sonic Visions soll e grousst Fest ginn. De Festival brécht aus de Mauere vun der Rockhal aus a plënnert op Esch-Belval ënnert den alen Héichuewen. D'Industrie-Frichë bidden eng ideal Kuliss fir de Sprößling, deen eng Kéier zu enger Lëtzebuerger Museksindustrie kéint wuessen.

Daagsiwwer debattéiere Professioneller aus der Branche bei Konferenzen iwwer Tendenzen an Entwécklungen an der Pop-Musek. Owes presentéiere Museker aus ganz Europa hir Kreatiounen. Vun Hip Hop an R&B bis Pop a Rock gëtt e breede musikalesche Spektrum ofgedeckt.

radio 100,7 live vum Sonic Visions:
- Backstage, Freideg, 17.11. um 20:00
- Generator, Samschdeg, 18.11. um 18:30
- An natierlech op www.100komma7.lu

Dräi Deeg laang stinn eng 20 Decouverten op der Affiche. Entre autres: De Lëtzebuerger R&B-Sänger Edsun proposéiert seng impressionnant Show mat Choreographie an Dramaturgie. Den Amerikaner Moses Sumney wäert de Publikum mat senge botterweeche Songs verzauberen. Superorganism brieche mat alle musikalesche Konventiounen, an Aiming For Enrike aus Norwegen iwwerzeege mat hirem danzbare Post-Rock.

De radio 100,7 begleet de Festival en direct. Mir schwätze mat Artisten an Acteuren aus der Museksbranche a ginn Ablécker hannert d'Kulisse vum Business. Tëschent de Concerte suergen eis DJe fir gutt Laun virun der grousser Bühn.

Déi spannendst Concerte ginn opgeholl an am Laf vum Joer diffuséiert. An de radio 100,7 exportéiert de Festival iwwer dës Enregistrementer och an de Reseau vun der European Broadcasting Union.

De radio 100,7 op der Luxembourg Art Week

D'Luxembourg Art Week an der Hall Victor Hugo (3. bis 5.11.), an d'Ausstellung vum CAL am Tramsschapp (3. bis 12.11.) si wichteg Kulturevenementer zu Lëtzebuerg. Fir de radio 100,7 begleet de Christian Mosar d'Art Week mat enger Serie vu Spezialemissiounen:

© Leo Giordano

Art Week 2016

Konferenzen

5.11. Siegerkunst
Den Auteur a Konschtkritiker Wolfgang Ullrich huet a sengem rezente Buch *Siegerkunst* d'Thees opgestallt, datt d'Konscht vum 21. Joerhonnert net méi fir d'Muséesvisiteuren do ass, mä just nach fir déi Räich an Erfollegräich. A senge kriteschen Texter analyséiert a kommentéiert den däitschen Auteur, wéi dës "Siegerkunst" ausgesäit a wéi eng Roll déi Kënschtler spillen, déi se produzéieren.
D'Konferenz vum Wolfgang Ullrich "Siegerkunst" ass de 4. November.
De radio 100,7 proposéiert e Matschnëtt de Sonndeg, 5. November um 09:04 a 15:00.

12.11. Wat kënne Muséeë sammelen a wat solle si weisen?
Mat eppes iwwert 620 000 Euro Aquisitiounsbudget am Joer läit de Mudam wäit ënnert deem, wat e Musée haut un Dotatioune bräicht, fir sech eng representativ Konschtsammlung ze leeschten. Mä kënne Muséeën haut iwwerhaapt nach Wierker op engem Konschtmarché kafen, op deem d'Präisser immens héich leien?
An der Schlusskonferenz vun der Luxembourg Art Week geet et ëm déi aktuell Sammelaktivitéit an och dorëms, wéi een dat weise kann a soll.
Dës Table Ronde vum 5. November gëtt moderéiert vum radio 100,7-Mataarbechter Christian Mosar.
Mir diffuséieren e Matschnëtt sonndes, den 12.11. um 09:04 a 15:00

Dossieren

An der Woch vum 30.10. bis den 3.11. beliicht de radio 100,7 dës Sujeten am Zesummenhank mat der Art Week:

31.10. um 07:20 an 08:20 Galerien zu Lëtzebuerg
Op der Art Week sinn international Galeristen an och eng ganz Partie Galerië vu Lëtzebuerg vertrueden. Wéi funktionéiert d'Galerieëgeschäft zu Lëtzebuerg? A wéi gesäit eise lokale Konschtmarché aus? Eng kuerz Analys a Bestandsopnam.

2.11. um 07:20 an 08:20 Wat ass den Afloss vum Konschtmaart?
Déi grouss Konschtfoirë beaflossen eist Versteesdemech vun der Géigewaartskonscht. Wéi een Impakt hunn Evenementer wéi Art Basel, TEFAF oder Frieze London op déi aktuell Konschtgeschicht?

Nei Musek-Serie **mam Pol Belardi a Pit Dahm**

Donneschdes um
13:30 an 19:30

Hidden Jazz Gems

De Pit Dahm an de Pol Belardi wulle fir dës nei Jazzemissioun ganz déif an den Jazzarchiven a presentéiere munch ongeschlaffen Diamanten. Vill Museker hunn Opnamen an Diske gemaach, déi am Schied vun hire grousse populären an incontournabele Produktiounen iwwersi goufen. Oder et si Wierker vu Museker, déi aus diverse Grënn nieft hiren Zäitgenossen net déi Unerkennung kritt hunn, déi si eigentlech verdéngt hätten. A ville Fäll sinn dës verstoppte Schätz esouguer méi räichhalteg a raffinéiert wéi déi, déi et schlussendlech an de Palmarès vun de meescht verkaafte Produktioune gepackt hunn.

Herbie Hancock

Chick Corea

Elvin Jones


Miles Davis

Phineas Newborn Jr.

All pics © wikipedia

2.11. Herbie Hancock - *Sextant* (1973)
Den Numm Herbie Hancock associéiert een direkt mat Maiden Voyage, Head Hunters oder Rockit'. Dat si Meilesteng, déi den Jazz mat beaflosst hunn. Den Hancock ass Matbegrënner vu Fusion a Funk, net zulescht, well hien ni gezéckt huet, nei Technologië wéi Synthesizer, Sequencer an och Effekter anzesetzen. *Sextant* markéiert d'Transitioun vun engem total lassgeléisten, trance-aartegen a fräien Jazz zu deem méi groovege Vibe vun Head Hunters.

9.11. Chick Corea - *Now He Sings, Now He Sobs* (1968)
Now He Sings, Now He Sobs ass en Album vun de Superlativen. Eng eklektesch Mëschung vu Piano-Trios-Jazz aus der Post-Bop-Ära mat impressionisteschen Aflëss. Modern Kompositioun a Re-Kompositioun an e Pianospill, dat vu villen anere Pianisten am Detail studéiert gouf, markéieren dës Plack. De Roy Haynes op der Batterie an de Miroslav Vitouš um Kontrabass completéieren dëse Mix.

16.11. Bill Frisell with Dave Holland and Elvin Jones (2001)
Dëst ass dem Elvin Jones säin allerleschte Studio-Album, an et ass och en Zesummespill vun dräi Ausnamemuseker. Si schafen hei eng éischter däischter Stëmmung, dem Bill Frisell säi gekonnt Asetze vu Silencen a Kombinatioun mat subtillen Effekter vermëscht sech brillant mam Elvin Jones sengem markanten Drive an dem Dave Holland senger Buedemstännegkeet.

23.11. Miles Davis - *In a Silent Way* (1969)
Kind of Blue ... dee meeschtverkaaften Jazzalbum iwwerhaapt. *Bitches Brew* ass net deen éischten Album, mat deem de Miles Davis d'Welt vun den elektreschen Instrumenter betrëtt. *In a Silent Way* markéiert eng Zouwennung zum Stroum an der Musek, an och eng kompositoresch a formal nei Approche, gekoppelt un en opreegende Sound. Mat neie Museker an alternative Produktiounstechniken ... *In a Silent Way* ass eng Revelatioun!

30.11. Phineas Newborn Jr.
Eigentlech gehéiert hien an d'Galerie vun de grousse Pianisten aus der Jazzgeschicht. Hie bestécht duerch fulminant Unisono-Passagen tëscht deenen zwou Hänn, en ausgefeilte Be-Bop-Language oder halsbriechereschen Tempi. Entdeckt e puer wichteg a representativ Opname vum Phineas Newborn Jr.

Thema vum Mount November

Russland

Kemerovo: Schwéierindustrie am Häerz vu Sibirien

Am November kuckt de radio 100,7 no Osten, a Russland. Et ass den 100. Anniversaire vun der sougenannter "Oktoberrevolutioun", déi d'Gesiicht vu Russland dramatesch verännert huet.

D'Sowjetunioun huet virum 2. Weltkrich mam Nazi-Regime paktéiert, an huet duerno eng Schlësselroll gespillt, wéi dem Hitler-Regime en Enn gemaach gouf. Si huet den Eisene Rideau duerch Europa gezunn. Si war e Schreckgespenst am Kale Krich – an e schrecklech oppressive Regime. Enn vun den 1980er war op eemol vermeintlech d'Enn vun der Geschicht: No Gorbatschow a Perestroika ass d'Sowjetunioun implodéiert, d'Ekonomie gouf privatiséiert, immens Fortunë sinn entstanen, no an no huet de Vladimir Putin de politesche System a Russland op e pseudo-demokrateschen Zentralismus remodeléiert.

A wou och ëmmer mir haut hikucken, Russland schéngt iwwerall am Spill ze sinn.

D'Presidentschaftswahlen an den USA am Hierscht 2016 – beaflosst vu Moskau oder net? Den US-President selwer a seng Famill: ze no drun un enger Russland-Connection?

Russland huet haut nees eng ganz affirmativ geopolitesch Strategie. En Deel vun der Ukraine gouf illegal annektéiert. Et ginn aner "natierlech" Aflosszone convoitéiert. Moskau ass am Spëtze-Peloton wat Cyber-Krichsféierung ugeet, an ënnerstëtzt ouni sech ze verstoppe populistesch an euroskeptesch Parteien a Gruppéierungen um rietse Bord vum politesche Spektrum a ganz Europa.

Russland ass eng Weltmuecht op de Rohstoff- an Energie-Marchéen, a convoitéiert d'Pëtrols-Reserven an der Arktis.

An och: a senger Ausdehnung en enormt Land, mat enger riseger Diversitéit, mat 11 Zäitzonen, vu Kaliningrad bis Kamtschatka.

A mat engem kulturellen Afloss, deen och an den däischterste Jore vu Partei-Diktatur wäit iwwer d'Grenzen erausgaangen ass. An och haut hu russesch Kënschtler eppes ze soen, beweegen d'Konscht no vir.

Komponist vum Mount November Mëttwochs um 11:10 an 22:45

Peter Iljitsch Tschaikowsky (1840-1893)

Peter Iljitsch Tschaikowsky

"Ich bin hier sehr, sehr einsam, und wäre nicht die ständige Arbeit, dann würde ich in Melancholie verfallen. Und auch das ist richtig, daß die verfluchte Homosexualität zwischen mir und den meisten Menschen einen unüberschreitbaren Abgrund bildet", léisst de Klaus Mann de Peter Iljitsch Tschaikowsky a sengem Roman *Symphonie pathétique* soen.

Eleng, dat war de Komponist meeschtens – och an Zäite vu gréisstem Succès. Mat senge Balleten huet hien d'Mënsche verzaubert. Säin éischte Pianosconcerto ass bis haut eent vun deene populäerste Wierker aus dem klassesche Repertoire. Seng Operen a Symphonië fënnt ee regelméisseg op de Spillpläng.

En erfëlltent Liewen deemno? Als Museker doudsécher – als Mënsch kaum. Do huet den Tschaikowsky sech méi liewe gelooss, wéi datt hie selwer gelieft hätt, bis en der Saach selwer en Enn gesat huet mat engem cholera-vergëfte Glas Waasser. Oder war et ieren awer een Accident?

Et ass eent vu ville Rätselen am Tschaikowsky sengem Liewen, grad wéi d'Frëndschaft zur Mäzenin Nadeschda von Meck – déi eenzeg Fra, mat där hien eng echt Relatioun hat, obwuel sech déi zwee net begéint sinn.

An enger Serie Emissiounen zum Komponist vum Mount November werft de Guy Engels säi Bléck op e Liewe voller Ängschten, voller Krisen an och voller wonnerbarer Musek – d'Liewe vum Peter Iljitsch Tschaikowsky.

8.11. Pathétique: den Tschaikowsky a Literatur a Film
15.11. Den éischte Pianosconcerto, e Klassik-Hit
22.11. Nadeschda von Meck, déi geheimnisvoll Mäzenin
29.11. Mam Puschkin op d'Bühn

Musek a Russland Dënschdes um 13:30 an 19:30

Evolutioun a Revolutioun

Russland huet vill Gesiichter. Op där enger Säit déi grouss, äiskal Landschafte vu Sibirien, op där anerer Säit déi Dausende vu Kilometer laang Bëschzon tëschent St. Petersburg a Sachalin. Russland huet och eng beweegt Vergaangenheet. Vun engem absolutistesche System goung et iwwer de Kommunismus zum Russland vun haut.

An dësem risege Land, mat all sengen Diversitéiten huet sech eng national klassesch Musek duerch d'kënschtleresch Schaffe vun Interpreten, Komponisten an Institutiounen, an och duerch en aktiivt politescht Agräifen etabléiert. Mä wéi koum et dozou? De Luc Boentges kuckt an dëser neier Emissioun op d'Musek an d'Museker aus Russland.

Dënschdes um 13:30 an 19:30 **Musek a Russland**

7.11. Michail Glinka a Co.
"D'Musek entsteet am Vollek. Mir Komponiste brénge se nëmmen an eng Form." De Michail Glinka gëlt haut als Papp vun der klassescher Musek a Russland. Wéi ass him dat gelongen? Wéi eng Musek gouf et virun him a Russland? A wéi ass et no him virugaang?

14.11. Revolutiounen
Am Ufank vum 20. Joerhonnert huet Russland eng Rëtsch Revolutiounen duerchgemaach, mat Auswierkungen op all Aspekter vum Liewen. An der Musek war ee sech ganz laang net eens a wéi eng Richtung d'Revolutioun goe sollt, bis mat haarder Hand duerchgegraff gouf.

21.11. Grouss Institutiounen
Russland ass net nëmme fir seng Komponiste bekannt, mä och fir seng Conservatoiren, Theateren a Konschtpräisser, déi enk mat der nationaler Museksgeschicht verbonne sinn. Wat mécht dës Institutiounen esou besonnesch? A wéi eng bekannt Nimm loosse sech domat verbannen?

28.11. Russesch Ikonen
D'Lëscht vu Museker aus Russland, déi international bekannt goufen ass laang: Siatoslav Richter, Vladimir Horowitz, Valery Gergiev etc. De Luc Boentges pickt sech der e puer eraus a kuckt op hiert Liewen an hir aussergewéinlech Carrièren.

PHILHARMONIE

Musiques d'aujourd'hui / rainy days 2017
Méindeg 6.11.2017 20:00
«rainy days prelude»
JACK plays Xenakis
JACK Quartet

Récital de piano
Sonndeg 12.11.2017 20:00
Mitsuko Uchida Piano

Musiques d'aujourd'hui / rainy days 2017
Freideg 17.11.2017 19:00
«Czernowin & Feldman»
Orchestre Philharmonique du Luxembourg
Roland Kluttig Direktioun

rainy days 2017
Samschdeg 18.11.2017 20:00
«Une convivialité musicale»
Klangforum Wien
Emilio Pomàrico Direktioun

L'heure de pointe
Donneschdeg 23.11.2017 19:00
Orchestre Philharmonique du Luxembourg
Gustavo Gimeno Direktioun
Krystian Zimerman Piano

Mitsuko Uchida

Roland Kluttig

Krystian Zimerman

Schéckt eis eng e-Mail mam gewënschte Concert op
philharmonie@100komma7.lu oder rufft un um **44 00 44 800**
D'Gewënner ginn ausgeloust.

Billjeeën ze gewannen!

	MÉINDEG	DËNSCHDEG	MËTTWOCH	DONNESCHDEG	FREIDEG	SAMSCHDEG	SONNDEG	
	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	NUETSPROGRAMM	
06:00 - 09:00	**VIRUM DAG**	**VIRUM DAG**	**VIRUM DAG**	**VIRUM DAG**	**VIRUM DAG**			
06:00 + 06:30	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten			
07:00	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**VIRUM DAG**		07:00
						Noriichten		
07:15 + 07:20	Presserevue / Dossier	Presserevue / Dossier	Presserevue / Dossier	Presserevue / Dossier	Presserevue / Dossier	Nationale Wochespigel		
07:30 + 07:32	Noriichten / Invité vum Dag	Noriichten / Invité vum Dag	Noriichten / Invité vum Dag	Noriichten / Invité vum Dag	Noriichten / Invité vum Dag	Noriichten	**MUSICA SACRA**	07:30
07:50	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Meldung		
08:00	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	Noriichten	08:00
08:15 + 08:20	Presserevue / Dossiervum Dag (R)	Presserevue / Dossiervum Dag (R)	Presserevue / Dossiervum Dag (R)	Presserevue / Dossiervum Dag (R)	Presserevue / Dossiervum Dag (R)	Presserevue / Dossiervum Dag (R)	**EARLY BIRD**	08:04
08:30	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten		
08:35	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur		
08:50	**Auslandschronik**	**Fräie Mikro**	**Medien- / Kulturchronik**	**Fräie Mikro**	**Wirtschaftschronik**	Programmhiweis: RIICHT ERAUS		
09:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	**Panorama**	Noriichten	09:00
09:04 - 12:00	**MOIES-MAGAZIN**	**MOIES-MAGAZIN**	**MOIES-MAGAZIN**	**MOIES-MAGAZIN**	**MOIES-MAGAZIN**	**MOIES-MAGAZIN**	Konferenzen / Table Ronde / Land, Brout, Fridden / Mixtape	09:04
09:20	**Nei Technologien**	**Gesondheet a Soziales**	**Land a Leit**	**Economicus**	**Café Scientifique / Wëssenschaft an Technik**	**Check up**		
09:40	**Ee Mount, een Thema**	**Prisma**	**Russesch Politiker am 20. Joerh.**	**ZäithistorikerIn**	**Recht zu Lëtzebuerg an Europa**	**Ee Mount, een Thema**		
10:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	10:00
10:15	Classic Moment	Classic Moment	Classic Moment	Classic Moment	Classic Moment	Classic Moment	**Museker am Gespréich / Klassikthema / Musikalesch Visittekaart**	10:04
10:30	**Invité**	**Invité**	**Invité**	**Invité**	**Invité**	**Invité**		
11:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	11:00
11:10	**SchrëftstellerIn vum Mount**	**Séier lafen oder schwéier schaffen**	**KomponistIn vum Mount**	**Kommunikatioun a Medien**	**Ich shoppe, also bin ich / Megalopolis**	**Lëtzebuerger Filmaktualitéit**	**RIICHT ERAUS**	11:04
11:30	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Grousse Kino	Kultur		
12:00	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	12:00
12:12 - 13:30	**IWWER MËTTEG**	**IWWER MËTTEG**	**IWWER MËTTEG**	**IWWER MËTTEG**	**IWWER MËTTEG**	**ESPRESSO BEATS** E musikalesche Biz		
12:15	**Auslandschronik** (R)	**Fräie Mikro** (R)	**Medien- / Kulturchronik** (R)	**Fräie Mikro** (R)	**Wirtschaftschronik** (R)			
12:22	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles			
12:30	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten		**Classic in Concert** Apéro OPL - Conservatoire Esch + LIVE Festivals	12:30
12:35 + 12:50	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur	Kultur			
13:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten			
13:15	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)			
13:30	**SEQUENZA**	**EVOLUTIOUN A REVOLUTIOUN**	**KEY TO CLASSICS**	**HIDDEN JAZZ GEM**	**DÉJÀ VU**	**TRENDSCHEIF**		13:30
14:00	**RESONANZEN** Live Klassik-Sendung	**RESONANZEN** Live Klassik-Sendung	**RESONANZEN** Live Klassik-Sendung	**RESONANZEN** Live Klassik-Sendung	**RESONANZEN** Live Klassik-Sendung	**TAKTLOS**	Klassikthema / Musikalesch Visittekaart (R)	14:00
15:00	**SPEKTRUM**	**SPEKTRUM**	**SPEKTRUM**	**SPEKTRUM**	**SPEKTRUM**	**BACKSTAGE** (R)	Table R. / Konf. / Mixtape / Schengener Gespréicher (R)	15:00
16:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	16:00
16:04 - 18:34	**ËNNERWEE**	**ËNNERWEE**	**ËNNERWEE**	**ËNNERWEE**	**ËNNERWEE**	**ROCKULTUR**	**NEW COTTON CLUB**	16:04
17:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	17:00
17:10	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles	Aktuelles	**Jungle Boogie**	**GROOVE-Club**	17:04
17:30	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten			
17:40	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)	Kultur (R)			
18:00	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	**Panorama**	18:00
18:15	Haut um radio 100,7	Haut um radio 100,7	Haut um radio 100,7	Haut um radio 100,7	Haut um radio 100,7	Haut um radio 100,7		
18:30	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	**GENERATOR** Anescht Aktuell Allerhand	**RIICHT ERAUS** (R)	18:30
18:34	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**			
19:00	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten	Noriichten			
19:04	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**	**TIME OUT**			
19:30	**SEQUENZA** (R)	**EVOLUTIOUN A REVOLUTIOUN** (R)	**KEY TO CLASSICS** (R)	**HIDDEN JAZZ GEM** (R)	**DÉJÀ VU** (R)	**TRENDSCHEIF** (R)	Humanities Talk / Singing Actors / Land, Brout, Fridden / Voix d'Auteurs	19:30
20:00	**BLUE NOTE**	**WORLD**	**Soirée Philharmonique** OCL - OPL - Euroradio - SEL	**Concert Euroradio** Oper - Symphonie - Kammermusek	**BACKSTAGE**	**SOUNDCHECK**	**Nei Musek am Concert** Symphonesch Musek	20:00
21:00	**JAZZ UNLIMITED**	**BLACK & WHITE BLUES**			**METAL MELTDOWN**	**E-LODIE**		21:00
22:00	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	**Panorama** (R)	22:00
22:12	**OWES-MAGAZIN**	**OWES-MAGAZIN**	**OWES-MAGAZIN**	**OWES-MAGAZIN**	**OWES-MAGAZIN**	**OWES-MAGAZIN**	**SOIRÉE PHILHARMONIQUE** (R) OCL - OPL - Euroradio - SEL	22:12
23:00	**CD-JAZZ**	**SYMPHONIC WINDS**	**BLUE NOTE** (R)	**WORLD** (R)	**SOUNDCHECK** (R)	**ROCKULTUR** (R)		
00:00	**NEW COTTON CLUB** (R)	**TAKTLOS** (R)	**JAZZ UNLIMITED** (R)	**BLACK & WHITE BLUES** (R)	**E-LODIE** (R)	**METAL MELTDOWN** (R)	**GROOVE CLUB** (R)	00:12
01:00	**Notturno**	**Notturno**	**Notturno**	**Notturno**	**Notturno**	**Notturno**	**Notturno**	01:12

E gemeinsame Projet vu radio 100,7 an der Wochenzeitung woxx

1917: D'Joer, dat d'Welt verännert huet

D'Oktoberrevolutioun vun 1917 a Russland huet d'Fro no der zukënfteger Wirtschaftsuerdnung konkret zougespëtzt, déi schonn zënter Joerzéngten theoretesch diskutéiert gouf. Dat huet een och zu Lëtzebuerg gespiert. An der Gewerkschaftszeitung *Die Schmiede* houscht et den 1. Dezember 1917: *"Im Kampfe für die Arbeiter gegen das Kapital ist nur ein Hüben und Drüben. Der für das erstere ist, kann nicht für das letztere sein, keiner kann zwei Herren dienen. Drum heißt es auch jetzt nicht 'Fort mit dem Klassenkampf', sondern der Schlachtruf lautet 'Her mit dem Klassenkampf'!"*

Ëm déi "Grouss Sozialistesch Oktober-Revolutioun" an hir Suite fir Europa a fir Lëtzebuerg geet et am gemeinsame Projet vun der Wochenzeitung woxx a vum radio 100,7. A wéi wäit hat d'Revolutioun en Afloss op d'Reform vun der Lëtzebuerger Verfassung, déi zënter Hierscht 1917 virbereet gouf? A wat hat se mat der Fro vum Selbstbestëmmungsrecht vun de Vëlker ze dinn, déi fir dat klengt Land ëmmer méi wichteg ginn ass?

Am Mëttelpunkt steet awer déi grouss Fro, wéi eng Bedeitung d'Oktoberrevolutioun haut nach fir déi fortschrëttlech Parteien huet, an ob de Géigesaz Reform vs. Revolutioun am 21. Joerhonnert nach eng Roll spillt.

Méindeg, den 13. November 1917 um 19:00 **Ëffentlech Table ronde**

Reform oder Revolutioun?
D'politesch Parteien haut an d'Ierfschaft vun 1917

Virun honnert Joer huet d'Fro d'Leit beweegt, ob eng besser Welt am kapitalistesche System méiglech wier. Vill sinn der op d'Strooss gaangen, well si mat dësem System brieche wollten. A Russland koum d'Oktoberrevolutioun, an de Kommunismus huet sech duerchgesat, an aneren europäesche Länner gouf d'Monarchie a Fro gestallt. Och zu Lëtzebuerg koum et zu enger revolutionärer Beweegung, déi sech awer net duerchgesat huet.

Ass déi Fro no Reform oder Revolutioun haut nach aktuell? Oder kann ee se, 100 Joer duerno a méi wéi e Véierelsjoerhonnert nom Fall vun der Berliner Mauer, ad acta leeën? Stellt sech d'Fro iwwerhaapt nach fir déi politesch Parteien haut, déi fundamental Ännerungen an eiser Gesellschaft ustriewen? Mat eise Gäscht wëlle mir iwwert d'Selbstverständnes vun de lénke Parteien haut diskutéieren.

Moderatioun: radio 100,7 a Wochenzeitung woxx.

Diffusioun vun der Table ronde um radio 100,7: de Sonndeg, 19. November um 19:30.

Méi Infoen op **http://1917.woxx.lu/** an op
www.100komma7.lu/article/wessen/1917-e-joer-dat-d-welt-verannert-huet

Kultur am Käldall

12.11.2017 **Brass Quintett de l'Orchestre Philharmonique du Luxembourg**
Schungfabrik Téiteng ,**17h00**

14.11.2017 **Le Congrès de Londres 1867**
Mairie de Kayl, **19h30**

19.11.2017 **Concert avec de jeunes solistes du Conservatoire de la Ville d'Esch/Alzette:**
Charlie Theis (piano), Florestan Goffinet (orgue) et Philippe Neumann (trompette),
Accompagnement : Lynn Orazi
Eglise de Kayl, **17h00**

22.11.2017 **D'Kachboun**
eng sozialkritesch an politesch Satir iwwer déi Letzebuerger less- an Drenkkultur,
Schungfabrik Téiteng, **20h00**

01.12.2017 **Vache de blue in the schu**
avec Remo Cavallini (L) - Vecchi e Brutti Band (F) - Kyla Brox (GB)
Schungfabrik Téiteng, **19h30**

02.12.2017 **Vache de blue in the schu**
avec The Trick - The Moove (F),
Chris Bergson Band (USA)
Schungfabrik Téiteng, **19h30**

09.12.2017 **Christmas Carrols**
le Quintette de cuivres MAGNIFICA représente avec brio l'école française des cuivres
chant : Entente des Chorales de Diekirch
Eglise de Kayl, **20h00**

Tickets: www.luxembourg-ticket.lu an www.ticket-regional.lu

KÄLTÉITENG

Nos partenaires :
Foyer
RTL
ARTE
radio 100,7

Banque Raiffeisen, Hannus Kayl, Hôtel Restaurant Acacia Esch/Alzette, Peinture Gilbert Heuertz Tétange, Sudgaz

Ljudmila Ulitzkaja

Interview mat der radio 100,7
Kulturredactrice Valerija Berdi

Ljudmila Ulitzkaja

Firwat ass d'Ljudmila Ulitzkaja Schrëftstellerin vum Mount?

V. B.: D'Ljudmila Ulitzkaja ass 1942 gebuer. Si ass eng Zäitzeie vun der totalitärer Diktatur vum Josef Stalin an och eng vun de wichtegste Stëmmen a Russland, déi sech géint all Form vum ideologesche Paternalismus erhiewen. Si impressionnéiert och duerch hir couragéiert Decisioun, fir weiderhin a Russland ze liewen. Virun allem ass si eng meeschterhaft Erzielerin. Mat hirem traditionelle Schreifstil, dee ganz fléissend ze liesen ass, an den aussergewéinlech plasteschen an humorvollen Duerstellungen huet si international Unerkennung kritt.

Wat ass der Ljudmila Ulitzkaja hiren Afloss an der Literatur?

V. B.: Si ass déi meescht iwwersaten zäitgenëssesch russesch Schrëftstellerin. Si gouf a Russland an am Ausland mat sëlleche Literaturpräisser ausgezeechent – awer gläichzäiteg ass hir Literatur ville Bibliophillen onbekannt.

Wou kann een hir Stëmm héieren?

V. B.: Iwwerall do, wou et ëm sozial Ongerechtegkeeten a Russland geet, ass hir Stëmm z'erkennen. Dobäi sinn hir sëlleche Bicher op Däitsch an op Franséisch iwwersat ginn. Hire leschte Roman, an deem si d'Geschicht vun hire Grousselteren erzielt, ass am August op Däitsch ënner dem Titel *Jakobsleiter* erauskomm.

Firwat ass si relevant fir Lëtzebuerg?

V. B.: Lëtzebuerg ass keng Insel ënnert enger Kéisklack, a wat d'Ulitzkaja ze soen huet, ass net just wichteg fir Russland, mä iwwer all Grenzen eraus. Si ass eng zäitgenëssesch Schrëftstellerin, déi an hiren Erzielungen den Alldag thematiséiert, en Alldag, dee sech a Russland ofspillt, mä dee sech och hei kéint ofspillen. Si jugéiert net, si spiert op, an et ass spannend mat hir d'Gesellschaft z'erfuerschen.

6.11. Samisdat *"La plus haute reconnaissance, pour un poète, ce n'est pas le prix Nobel, mais le bruissement de ces feuillets recopiés à la machine et à la main …"*

Wéinst hirem Engagement bei Samisdat (Selbstverlag), gouf der Ljudmila Ulitzkaja hirer Karriär als Genetikerin en Enn gesat. Hiert Liewe virun der Schrëftstellerei ass derwäert beliicht ze ginn.

13.11. ***"La littérature est ce que l'humanité possède de meilleur."***
Mat der Erzielung *Sonietchka* gewënnt déi russesch Autorin 1996 de Prix Médicis, an domat geléngt och den internationalen Duerchbroch. D'Geschicht vun der jonker Bibliothekärin an der Sowjetunioun an hirer Léift zu der Literatur ass d'Thema vun dëser Emissioun.

20.11. Oden un d'Liewen *"Je suis là, les gars ! Avec vous ! Allez, servez à boire ! Buvons et mangeons ! Comme toujours ! Comme d'habitude !"*

Hir Romaner sinn ëmmer Oden un d'Liewen an hir ProtagonistInne stamen aus enger bonter Welt. Poetesch a graff, verdreemt a realistesch, dramatesch an humorvoll ass hire Schreifstil.

27.11. Courage
Et gehéiert eng Portioun Courage dozou, sech mat der aktueller russescher Regierung unzeleeën, an de verbale wéi kierperlechen Ugréff d'Stir ze bidden. D'Ljudmila Ulitzkaja léisst sech net kleng kréien an et sinn net just literaresch Wierker, mä och Essayen an Zeitungsartikelen, an deene si onënnerbrach op d'Mëssstänn an hirem Land hiweist.

Mëttwochs um 09:40

Russesch Politiker am 20. Joerhonnert

Russland ass dat gréisste Land op der Welt a grad esou grouss an duerchwuess ass seng Geschicht. Mat de Revolutiounen am Joer 1917 geet d'Herrschaft vun den Zaren op en Enn, d'Sowjetunioun entsteet an zerfält 1991, Glasnost a Perestroika lauden en neit Zäitalter an. An enger Serie vu véier Deeler zeechent de Jay Schiltz de Portrait vun deene Politiker, déi Russland am 20. Joerhonnert markéiert hunn.

8.11. Revolutioun: Lenin an Trotzki
D'Oktoberrevolutioun 1917 markéiert den Ufank vun der Sowjetunioun. Am éischten Deel gëtt e Portrait vum Wladimir Iljitsch Uljanov a vum Lew Dawidowitsch Bronstein, besser bekannt als Lenin an Trotzki, gezeechent.

15.11. Weltkrich: Stalin
Hien iwwerhëlt nom Doud vum Lenin de Kommando an der nach jonker Sowjetunioun, botzt mat Verhaftungen a Schauprozesser d'Arméi, schléisst e Pakt mam Hitler, féiert d'UdSSR erfollegräich duerch den Zweete Weltkrich an zitt als ee vun de Gewënner duerno de Stolene Riddo duerch Europa. Hie fänkt de Kalen an de Koreakrich un a regéiert doheem mat haarder Hand, de Josef Wissarionowitsch Dschugaschwili, besser bekannt ënnert sengem Kampfnumm: Stalin.

22.11. Kale Krich: Chruschtschow a Breschnew
De 5. Mäerz 1953 stierft de Josef Stalin. Säi Successeur Nikita Chruschtschow raumt mat sengem Persounekult op, schléit Protester an de Satellittestaaten néier, baut zu Berlin d'Mauer, féiert mat der Kuba-Kris d'Welt un de Rand vum drëtte Weltkrich, mä baut awer och d'Sowjetunioun nees op a stabiliséiert se. De Leonid Breschnew dogéint steet fir allgemeng Stagnatioun no bannen a fir eng weider Eskalatioun am Kale Krich, an zwar duerch géigesäiteg massiv Oprëschtung mat den USA.

29.11. Glasnost a Perestroika, a wat bliwwen ass: Vu Gorbatschow a Jelzin bis Putin
Et ass de Michael Gorbatschow, deen eng nei Ära an der Sowjetunioun alaud, mat senge Reformen awer gréisstendeels scheitert. Ënnert sengem Nofollger Boris Jelzin fält d'Sowjetunioun definitiv auserneen. 1999 iwwerhëlt de Vladimir Putin am Kreml de Kommando, bis haut.

Samschdes um 11:10 **Lëtzebuerger Filmaktualitéit**

Lëtzebuerg dréint: Travelling avant, Zoom in & Close up

D'radio 100,7 Mataarbechterin Martine Reuter beschreift déi nei Emissioun

Wat kënnen d'Nolauschterer vun dëser neier Emissioun erwaarden?
M. R.: D'Emissioun 'Lëtzebuerger Filmaktualitéit' konzentréiert sech exklusiv op dat wat hei am Grand-Duché am Beräich Filmproduktioun realiséiert gëtt. Mir wëllen aktuell Tournagë couvréieren, den Acteuren op den Zant fillen, iwwert den alldeegleche Business vun der Filmbranche informéieren.
Fir déi meescht Leit existéiert e Film eréischt da wann en am Kino leeft, dobäi ass grad am Film déi Aarbecht, déi do virdru muss geleescht ginn extrem opwänneg, mat ganz villen ënnerschiddleche Facetten, déi derwäert sinn an de Fokus geréckelt ze ginn.

Wat fir Facettë sinn dat?
M. R.: Iwwert de rengen Info-Charakter eraus am Genre: "Wou gëtt wat gedréint an ëm wat geet et an dem Film" kucke mer och hannert d'Kulissen an ënnersichen d'Genese vun engem Film a schwätze mat Produzenten, Realisateuren, Scénaristen a Chef-Operateuren, fir nëmmen déi ze nennen.

Wäerten och d'Finanzen en Thema sinn?
M. R.: Dat ass en essentielle Sujet. De Film Fong geréiert en imposante Budget an hei zu Lëtzebuerg existéiert mëttlerweil eng kleng awer professionell Filmindustrie. Et ass interessant gewuer ze ginn, wéi d'Sue verdeelt ginn, also wat d'Kritäre sinn, fir finanziell ënnerstëtzt ze ginn.

An d'Zukunft vum Film zu Lëtzebuerg?
M. R.: De Secteur huet eng ganz grouss international Renommée am Animatiounsfilm-Beräich, an do imposéieren sech dann och natierlech méi technologesch Sujeten wéi z.B. den Asaz vun der *virtual reality* oder aneren digitalen Evolutiounen ...

Zwee Entrées-Billjeeën ze gewannen

Schéckt eis eng e-Mail mat der gewënschter Virstellung op **kino@100komma7.lu**
D'Gewënner ginn ausgeloust.

MET Live vun New York
The Exterminating Angel - Thomas Adès
18.11. um 18:55 Kinepolis Kierchbierg

Exhibition on Screen
David Hockney
28.11. um 19:00
an **3.12. um 16:30** Ciné Utopia

Bolshoi Live
The Taming of the Shrew
26.11. um 16:00 Kinepolis Kierchbierg



Gewannt zwee Entrées-Billjeeën!
Schéckt eis eng e-Mail mat der gewënschter Virstellung op **kino@100komma7.lu**
D'Gewënner ginn ausgeloust.

Battle of the Sexes

Realisateuren:
Jonathan Dayton, Valerie Faris
Schauspiller:
Emma Stone,
Steve Carell, Andrea Riseborough

Vereenegt Kinnekräich,
Vereenegt Staaten
Biopic, Drama, Comédie
121'

Mir schreiwen d'Joer 1972. D'Tennisspillerin Billie Jean King gewënnt dräi Grand Slam Titelen. Si gëtt sech awer net zefridde mat dësem Erfolleg an engagéiert sech, fir datt Fraen am Tennis genee sou respektéiert gi wéi Männer. Doropshi mëscht sech de fréieren Tennis-Weltmeeschter Bobby Riggs an. De fraefeindleche Provokateur fuerdert d'Billie Jean zu engem Match eraus.

Sortie den 8. November an de Säll vum Grupp Kinepolis.

Wonderstruck

Realisateur: Todd Haynes
Schauspiller:
Oakes Fegley,
Millicent Simmonds,
Julianne Moore

Vereenegt Staaten
Drama
117'

D'Geschicht vun zwee Kanner, déi an ënnerschiddlechen Zäitalteren an Amerika liewen a vun engem anere Liewen dreemen, gi simultan erzielt. De Ben mécht sech an de 70er Joren nom Doud vu senger Mamm op d'Sich no sengem Papp. D'Rose lieft an den 20er Joren zu New Jersey, fillt sech isoléiert, well et daf ass a begeeschtert sech fir d'Karriär vun enger mysteriéiser Schauspillerin. Wéi de Ben en Indice iwwert säi Papp a senger Mamm hire Saache fënnt an d'Rose erausfënnt, datt säin Idol geschwënn en Optrëtt huet, lafen déi zwee Kanner vun Doheem fort - op New York.

Sortie de 15. November an de Säll vum Grupp Kinepolis.